piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Wéi aus verschiddene Jobbeschreiwunge bei den CFL ervirgeet, schéngt et aktuell eng Erausfuerderung ze sinn, fir genuch qualifizéiert Personal ze fannen, dat och iwwer Lëtzebuergesch Sproochkenntnisser verfüügt. A villen Ausschreiwunge gëtt Lëtzebuergesch éischter als Virdeel ewéi als obligatoresch Viraussetzung genannt.

Fir nei CFL-Mataarbechter gëtt dowéinst d'Méiglechkeet virgesinn, Lëtzebuergesch intern ze léieren. Am Kader vun dëser Approche stellt sech awer d'Fro, wéi d'Evaluatioun an d'Ufuerderunge bei de Sproochecoursen an den Examen ausgestalt sinn, fir eng fair Behandlung vun alle Kandidat:innen ze garantéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Roll spillt d'Lëtzebuergesch Sprooch aktuell bei den CFL, besonnesch am Kader vun der Rekrutéierung an der Formatioun vum Personal?
2. Wéi gëtt garantéiert, datt Sproochenexamen fir all Kandidaten ënnert de selwechte Konditiounen ofgehale ginn, onofhängeg vun hirer Nationalitéit oder Hierkonft?
3. Ass geplangt, d'Krittären oder d'Evaluatioun bei Sproochenexamen unzepassen, an, falls jo, wéi gëtt dobäi de Prinzip vun der Gläichbehandlung assuréiert?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc

Deputéierten